



LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère de l'Éducation nationale,  
de l'Enfance et de la Jeunesse

Luxembourg, le 10 mai 2021

Monsieur le Ministre aux Relations avec  
le Parlement

Service central de Législation  
5, rue Plaetis  
L-2338 Luxembourg

**Concerne : question parlementaire n° 4057 de Monsieur le Député Fred Keup**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre en annexe la réponse à la question parlementaire posée par l'honorable Député Fred Keup.

Veillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma parfaite considération.

Claude Meisch  
Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend op d'parlamentaresch Fro Nr. 4057 vum honorabelen Här Deputéierte Fred Keup**

**Ad 1)**

Et ass op de Virschlag hi vum "Rat für deutsche Rechtschreibung" zeréckzeféieren, datt Lëtzebuerg ee Verrieder nennt, an dësen de Statut vum Observateur huet. Den Ament ginn et keng Iwwerleeungen, fir dorunner eppes ze änneren. Eist Land huet als Observateur an deem Rot d'Méiglechkeet, d'Diskussiounen iwwer d'Entwécklung vun der Rechtschreibung an der däitscher Sprooch, déi wéi gewost Unterrechtssprooch an der öffentlecher Grondschoul ass, enk mat ze suivéieren.

Am Géigesaz zu deenen anere Memberen ass zu Lëtzebuerg Däitsch eng vun den dräi offizielle Sproochen um selwechten Territoire. Am däitschsproochegen Deel vun der Schwäiz oder an der däitschsproocheger Gemeinschaft vun der Belsch ass déi däitsch Sprooch op engem kloer definéierten Territoire déi offiziell Landessprooch.

**Ad 2)**

De Lëtzebuenger Verrieder huet an dësem Gremium zum Thema "gendergerecht Sprooch" keng Meenung geäussert, konnt awer als Observateur déi verschidden Argumenter a jeeweileg Positiounen zur Kenntnis huelen.

**Ad 3)**

De Lëtzebuenger Verrieder gëtt vum Educatiounsminister ernannt an aktuell gëtt eist Land duerch den Direkter vum Zenter fir d'Lëtzebuenger Sprooch (ZLS) an deem Gremium vertrueden. Dee Choix ass notamment doduerch ze erklären, datt et dem ZLS erlaabt, en Abléck an déi grouss Sproocheschantercher vum Däitschen an de verschiddenen däitschsproochege Länner a Regiounen ze kréien, an et ass eng Hëllef beim Vernetze mat anere Sproochwëssenschaftler. De Verrieder mécht selbstverständlech de Lien zu den aneren Acteuren an der Lëtzebuenger Educatioun a setzt dës iwwer Ännerungen oder soss Entwécklungen a Kenntnis.